



## Immigratioun – Integratioun a Sprooch

Wa mir iwwer **Awanderung vu Leit aus anere Länner** schwätzen/schreiwen, da komme mir net laanscht hir Sproochen an d'Lëtzebuergesch. Iwwer all deem ‚Gemierwels‘ muss ower de Respekt stoe bleiwen, **d'Versteedemes vun deenen enge fir déi aner**; net nëmme vun äis fir ‚si‘, och dat vun hinne fir äis!

**Lëtzebuerg ass zënter op d'mannst 6 Generatiounen en Immigratiounsland**; vun de 50er Joeren u vrun allem och aus dem Portugal a Spuenien; soss war dat besonnesch aus Italien. Datt déi eng an déi aner aus dem Süden sech net apaart ‚gréng sinn‘, dat soll och emol ernimmt ginn. Mir mussen dann ower och drun denken, datt d'Südost-Europäer no an no méi e groussen Deel vun den Awanderer ausmaachen, vun ‚Afrikaner‘ net ze schwätzen; dat alles zesumme gëtt da ronn d'Halschent vun eiser Awunnerzuel... da misste mir **emol (rechneresch) iwwerleeën**, datt dat fir Däitschland 40 Milliounen, fir Frankräich 33, fir d'Belsch 6 Milliounen Ausländer giffen ausmaachen... *alors, qui dit ‚mieux‘?*

Ob mir déi ‚brauchen‘, ass eng Fro vun Ekonomie a Politik, mä ëmmer vun Iwwerleeën, Verstoen a Versteedemech... net onbedéngt vu ‚Gefill‘ an net vu klenggepierpeltem Gerangels. **Wou sténge mir ekonomesch, wann...?**

Ideal ass et ëmmer an iwwerall, wann Immigranten sech an engem anere Land integrieren; dat ass net onbedéngt eng Saach vun deer éischter, mä vun deer zweeter a besonnesch deer drëtter Generatioun. Wouduerch? Vrun allem duerch d'Sprooch, an zwar **fir alleguer déiselwecht**: bei äis ass et nun emol eis Nationalsprooch! Also net eleng duerch d'Franséisch, dat weder déi Däitsch nach Kroaten, Serben oder Bulgaren, Rumänen asw. verstin. E Portugis muss an Däitschland Däitsch, en Däitschen am Frankräich Franséisch léiere fir zu eppes ze kommen an e Francophon an Däitschland/Éisträich dem Goethe seng Sprooch... de Sproochekarrussell wéi bei äis gëtt et soss néierens, wat fir äis natierlech e Virdeel, mä fir déi ‚aner‘ Pech ass, well si d'Lëtzebuergesch doduerch ganz schwéier ‚matkréien‘.

Deemno ass et keng Fro vu Fanatismus oder iwwerdriwwenem Nationalismus, wann hei gesot gëtt, d'Lëtzebuergesch misst an de Kannerheemer a -schoulen op deer alleréischter Plaz stoen, net d'Franséisch oder z.B. d'Englesch. **Wien dat net kann (oder wëllt) bekäppen/verlaangen, deen huet keen Donst vu Psychopädagogik**. Wa mir eppes Zerguttstertes fir Integratioun wëlle maachen, dann ass et dach eng Saach vu Kappkrankheet, jidferengem aus deenen 8 Sproochen hei eng kleng Babbelkautsch wëllen ze organisieren... dat geet ganz kloer **op d'Käschte vun der Zukunft vun eisem Land!**

Dëst Joer sinn et der 50, datt mir vun der Actioun-Lëtzebuergesch – mat den Iwwerleeunge vun hei uewendrun – **den éischte Cours fir eis Sprooch um Lampertsbierg an deer fréierer ‚Europaschoul‘ organiséiert a gehal hunn...** wat jo haut praktesch kee méi weess, vläicht net wësse wëllt. Mir haten näischt Materielles fir unzefänken, ower eist **pädagogesch Wëssen a vrun allem vill gudde Wëll**; dat mat en etlech feine Leit aus dem Schoulministère an der Gemeng Lëtzebuerg.

*We had several dreams...* vrun allem, datt **eis Mammen- a Landsprooch déi Plaz kritt, déi si verdéngt, och dee Respekt**, dee mir vrun deene mussen hunn ‚déi sech am Oktober 1941 beim ‚Referendum‘ mat hir géint d'Nazifatzerte gewiert hunn... d'Verdrécken, d'Vergiessen an de Gascht sinn nun emol Kränkte wéi anerer!

Respekt fir all Meenung, wat **d'Roll vun Lëtzebuergesch an Europa däerf/soll/ka sinn**; wichteg ass ower vrun allem, wat jidferree perséinlech ‚heibanne‘ vun hir hält, vläicht fir si mécht... dorop kënt et un, net op Gespräicher, déi just gut op enger glënnereger Parteiplakat maachen... ower net fir d'Sprooch!

## Eis/äis – zwéi(n)/zwou/zwee

\*An deene Sproochen, déi äis méi no sinn, gëtt et en absolutt däitlechen Ënnerscheid tëscht de sougenannte ‚*pronoms possessifs/bsitzanzeigenden Fürwörter*‘ an de ‚*pronoms démonstratifs/hinzeigende Fürwörter*‘; datselwecht absolutt däitlech am Däitschen (unser/uns), dem Franséischen (nos/nous), Engleschen (our/us), Spuenesche, Portugiseschen asw. Da schéngt jo ower bal sonnekloer, datt mir dat am Lëtzebuergesch an hunn: EIS Nopere maachen ÄIS Frechheeten/ EIS Kanner freeën ÄIS/ EIS Elteren hunn ÄIS versuergt; **an dese Fäll zweemol EIS soen ass deemno dolaanscht**. Mir brauchen dofir keng bretzeg grammatesch Terminologie, just einfacht Iwwerleeës. Ok, mir hu regional Varianten (ons/ons-is/éis), mä denkt emol un eiser beschter Schrëftsteller wéi de Rodange, den Nik.Welter, de Pir Kremer an déi vun haut; déi schreiwen ‚houlëtzebuergesch‘! Déi haten an hu verstan, datt eis Sprooch sech nëmme als ‚Mëttsprooch‘ an der Riicht hale kann.

\* Am Däitschen, dem Franséische, Engleschen an anere Sproochen hei rondrem huet den ‚Numeral‘ ZWEE kee ‚genre‘, also ‚zwei/deux/two/twee/dos...‘ Firwat solle mir dann eis kleng Eegenart opginn, déi **bei diesem ‚Zuelwuert‘ en däitlechen Ënnerscheid tëscht ‚ZWÉIN-ZWOU-ZWEE‘ mécht**; ganz kloer ‚Eises‘. Dësen oder dee mengt natierlech elo, dat wier dach net ‚wichtig‘; mä et ass typesch an hëleft, dem Lëtzebuergesch en eegent Gesiicht ze ginn.

vum Lex Roth



## Schonn dru geduecht?

datt mir zimlech eenzegarteg Fassongen hunn, fir ze soe ‚wou/wéi‘ eppes ass: **hannerzeg** fueren as méi schwéier wéi **vijenzeg** – ech hat **bannenzeg** wéi, mä dat huet ee **baussenzeg** net gesin – Webesch wunnen **uewenzeg** a Müllesch **ënnenzeg** an deer Strooss.

Dann, datt mir schéi verbruet bei de Brécken an der Stad oder soss enzwou sinn; dat geet esouwäit, datt en etlech Leit deen offiziellen Numm emol net onbedéngt wëssen: **Al Bréck – Nei Bréck – Rout Bréck** – net ze schwätze vu Stroossen oder Plazen. Mir schwätzen och (esouguer offiziell) vun enger **Waassergaass**, wou knapps Waasser gelaf ass, mä ‚Wastler‘ hir Bréidercher gebak hunn.

Do denkt een dach u schéin an typesch eiser Ausdréck: wéi *knubbeleg, bosseg, gelungen...* an datt déi ower och glat näischt mat däitsche Fassongen ze din hunn; abeejo 😊

## Uertschafts- regional- lokal Varianten

Wéi an alle Sprooche gëtt et och am Lëtzebuergesch ‚**geographesch‘ Ënnerscheeder**. Déi sinn natierlech alleguer respektabel. ..wann si verstänneg gebraucht an do geschwat ginn, wou si ‚doheem‘ sinn. Dat Weelzer, d'Vei(a)ner, Eechternoacher, Dauler, Miseler asw. maache bausst hire Plazen och **flott an engem Theaterstéck**; mä setzt emol eng hal-le Dose verschidde Sproochleit un een Dësch an hire Varianten ze diskutieren...do git dir ‚mëll an der Bir‘!

Wien en Text oder souguer e Buch op ‚Kliärrewer‘ zu Wolz wëllt ënner d'Leit kréien, deen huet sech ‚gestouss‘. Dat ass de Fall ower net fir dem Pir Kremer, dem Guy Rewenig, dem Jhemp Hoscheit oder dem Pe'l Schlechter asw. hir Publikatiounen. Dem Albert Camus seng genial Wierker hätten op ‚Algérois‘ knapps Chance gehat; dem Walser seng Romane wieren am Bodensee ënnergaangen.

Beispiller gin et kéipweis...**fir den éierleche Verstand ze ënnermauern**.

## Subsidenhëllef fir d'Sprooch

Et **ginn e sëllege Veräiner a Federatiounen** vun allméiglechen Zorte vum Staat/ der Regierung mat Subside ‚gestäipt‘, subventionéiert. D'Actioun-Lëtzebuergesch iwrengs och, well dat ass eng gutt Saach fir dat soziaalt Zesummekommen a -liwen.

**Den eenzelen Auteur a Lëtzebuergesch Sprooch steet ower, eleng** a mat all sengem Courage, an deem Sënn mat eidelen Täschen do; well dacks leet hien esouguer ‚bäi‘.

Ass et zevill gefrot, fir eng Commissioun bannent dem Kultur- resp. dem Educationsministère ze bestëmmen, déi **vu Fall zu Fall iwwer Subside fir déi eenzel Bicher bestëmmt**, déi hir (mat den Ënnerlage) presentéiert ginn; déi Decisiounen sollen net- wéinst just perséinleche Meenungen – engem eenzele Fonctionnaire iwwerlooss ginn.

Et kënt ee sech virstellen, datt eis Regierung op dës Propos giff ‚lauden‘. Merci!

*Wéi dacks soe mir, d'Lëtzebuergesch wier eng kleesper Sprooch; denken ower net iwwer hir EEGENART no... kleng muss dach net aarm heeschen. Kuckt a bedenkt emol dës puer Beispiller. Mir hunn deer ewell dëslescht a virdu bruecht; et wäerten der nach kommen.*

° dee léisst sech net huelen ° dat do berapps du mir ° deen ass net vum Ginn ° deen ass net vun der Dominiksmillen ° hal dach nëmme op! ° elo geet et déck duer ° ech hal' wuel jo! ° dee verschwätzt sech net ° deen ass kuuschteg a knéckeg ° de Jang verschafft sech net ° d'Kett huet sech noneegemaach ° d' Louise ass gutt mockeleg ° ech leie gutt mockeleg an der Klapp ° Heemlech ass net heemeleg ° de Mich ass doruechter ° dat Gefëmm geet mir net ° dat do jicks de net ° ech hu mech rëmgeholl ° do hues du dech ferm gestouss ° ech hunn de Pillchen ° ech hunn de Mo op der Kopp ° sinn opgelaf ° gehei de Knätsch net op d'Strooss ° ech gladdereng krupseg Träip ° d'Luucht ass zou ° do huet et ferm gerabbel ° hal deng knaschteg Sabbel ° et reent riichter an ° beim Futtball guff et Schinnegebees ° de Will ass e Luesen a kee Lousen ° de Jang ass en Topert an hatt eng Toz ° géi mer net op de Su ° maach dech hannerwands ° wat ass eng ‚Schlo‘? ° Géff dech elo!

Eng ‚SCHNOK‘ aus deer Rei Bicher (mat Biller vum Carlo Schneider), wou **dat éischt am Buttek** ass, dat zweet an der Dréckerei, an dat drëtt um Leescht.

**Hei eng fir d'Geleeënheet vun den EU-Wahlen:**

### Schéin der Rei no!

- So Papp, wéi ass déi Saach mam Staat?  
Wien dirigéiert do a wat?  
Wéi funktionéiert alles dat?
- Dat leeft grad wéi bei äis heiheim:  
Deng Mamm ass d'Chamber fir d'Gesetz;  
ech als Regierung ma' mäi Besch;  
eis Bom spillt da Gewerkschaftsspëtz  
a mault vrun allem gär dotëscht.